N°2212
Entrée le 11.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.04.2025
Chambre des Députés

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence : 236/25
11 AVR. 2025
A traiter par
Copie à

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 11.4.2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsministesch weider ze leeden.

Mengen Informatiounen no refuséieren Déierenasyler, Déieren u Leit, déi méi wéi 60 Joer hunn, ze vermëttelen an dat op Grond vun hirem Alter an ënner dem Virwand, datt se wéint hirem Alter eventuell net méi laang genuch fir dat Déier kéinte suergen. Sollt dat de Fall sinn, wier dat ëmsou méi onverständlech, well grad Leit, déi an der Pensioun sinn, méi Zäit hunn, fir sech ëm en Déier ze këmmeren. En Hausdéier ass en treie Begleeder, hëlleft géint d'Allengsinn an huet e positiven Effekt op déi psychesch awer och kierperlech Gesondheet. An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen:

- Stëmmt et, datt d'Déierenasyler keng Déieren u Leit ab engem gewëssen Alter vermëttelen?
- Wa jo, vu wat fir engem Alter un, kritt ee keen Déier méi aus dem Asyl?
- Wat sinn d'Grënn fir dës Reegelung?
- Gedenkt d'Madamm Ministesch, eppes un dëser Praxis ze änneren?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Stéphanie Weydert, Deputéiert

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2212 vum 11. Abrëll 2025 vun der Deputéierten Stéphanie Weydert**

- **Stëmmt et, datt d'Déierenasyler keng Déieren u Leit ab engem gewëssen Alter vermëttelen?**
- **Wa jo, vu wat fir engem Alter u kritt ee keen Déier méi aus dem Asyl?**
- **Wat sinn d'Grënn fir dës Reegelung?**
- **Gedenkt d'Madamm Ministesch, eppes un dëser Praxis ze änneren?**

D'Aufgab vun engem Déierenasyl besteet doranner, Déieren opzehuelen, déi ausgesat resp. vun hirem Besëtzer aus wéi engem Grond och ëmmer net méi kënne gehale ginn an duerno ze kucken, fir déi Déiere schnellstméiglech un een neie Besëtzer ze vermëttelen, deen sech am Interêt vum Bien-être animal ëm dat Déier këmmert. Fir dës Aufgab kënnen ze erfëllen, ënnerstëtzt de Landwirtschaftsministère d'Asyler mat enger finanzieller Hëllef.

D'Déierenasyler zu Lëtzebuerg gi vun, vum Staat onofhängegen, Déiereschutzassociatioune geréiert, déi och d'Reegele fir d'Vermëttlung vun den Déieren an hiren Asyler festleeën.

Déi Reegele ginn opgrond vun interne Krittäre vun den Associatioune festgeluecht a kënne jee no Asyl verschidde sinn. Den Alter vun de Leit ass ee Krittär, deen a villen Asyler berücksichtegt gëtt. Et gëtt keng gesetzlech resp. reglementaresch festgeschriwwen "Âge limite" fir zum Beispill en Hond ze halen. Op déi Reegele resp. op d'Vermëttlung vun den Déieren huet de Landwirtschaftsministère keen direkten Afloss.

Et ass awer wichteg, dass een Hond zu sengem Besëtzer passt. Duerfir sollen d'Leit, déi sech wëllen en Hond uschafen, sech am Déierenasyl berode loossen, wéi een Hond am Beschten passt an eventuell e puer Deeg probéieren, ob ee mam Hond eens gëtt, bevir den Hond definitiv adoptéiert gëtt.

Lëtzebuerg, den 7. Mee 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN